PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/01/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.

De 15te Mee 2018 huet d'Chamber de Gesetzesprojet n°7177 eestëmmeg ugeholl, dee zum Gesetz vum 6te Juni 2018 gouf. Mat dësem Gesetz gouf den Accord tëscht dem Grand-Duché an der Belsch betreffend der Gestioun an dem definitive Stockage vu radioaktiven Offall vu Lëtzebuerg um Territoire vun der Belsch. D'Artikelen 2 a 7 vum bilateralen Ofkommes mat der Belsch hale Folgendes fest:

> "*Les déchets radioactifs luxembourgeois conditionnés seront entreposés en Belgique jusqu'à leur stockage définitif dans les respects de la réglementation belge en vigueur.*"
>
> *"Le Grand-Duché de Luxembourg s'engage à couvrir tous les coûts occasionnés sur le territoire belge en exécution de l'article 2. […] Le Grand-Duché de Luxembourg s'engage à s'acquitter de toutes les redevances présentes et futures pour la gestion à long terme sur le territoire belge des déchets radioactifs luxembourgeois qui font objet de cet accord, conformément au cadre règlementaire en vigueur en Belgique.»"*

An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°2197 hat d'Ministesch deemools erkläert, dass d'Regierung alles ënnerhuele wäert, fir dass keen Atommüll-Endlager op d'belsch-lëtzebuergesch Grenz wäert kommen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Goufen et zënter dem leschte Joer weider Gespréicher mat de belschen Autoritéiten iwwert d'Ariichte vun engem Atommüll-Endlager op der belsch-lëtzebuergescher Grenz?

2. Wéi eng weider Schrëtt huet d'Regierung zanterdeem ënnerholl, fir keen Atommüll-Endlager op d'Grenz ze kréien? Hunn dës Moossnamen iergendwellech nennenswäert Fortschrëtter mat sech bruecht?

3. Rechent d'Regierung domadder, dass d'Belsch am Endeffekt manner oder keen Atommüll op laanscht Grenz deponéiere wäert?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député